N°3425
Entrée le 28.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune du Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme et du Ministre du Travail à la question parlementaire N°3425 du 9 janvier 2026 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Aides aux PME après accidents ».**

**Fro N°1: Wéi eng Ënnerstëtzungsmoossname stinn an esou Fäll fir d'Salariéen zur Verfügung, fir ze verhënneren, dass et zu Entloossunge kënnt?**

Fir Entloossungen ze verhënnere, gesäit de Code du travail de Chômage technique involontaire vir. Dës ass awer net direkt eng Hëllef fir d'Salariéen, mee fir de Patron.

Am Fall vun engem Accident, ewéi e Brand, kann eng Entreprise esou eng Demande bei der ADEM areechen. No enger Kontroll op der Plaz, stellt e Kontroller vun der ADEM e Rapport aus, an d'ADEM mécht en Avis un den Aarbechtsminister.

Falls de Patron seng Salariéen oder Apprentien net aneschters beschäftege kann a senger oder enger anerer Firma, kann hien se stonneweis an de Chômage technique involontaire setzen a muss hinne fir déi Stonnen op d'mannst 80% vum Stonneloun bezuelen.

Op Engagement vum Patron keen ze licenciéieren, kritt dësen déi net geschaffte Stonne rembourséiert, ausser en hätt eng Assurance pour perte d'exploitation déi d'Paien iwwerhëlt.

D'Remboursement leeft ab der 17. net geschaffter Stonn pro Mount a pro Salarié/Apprenti an ass plafonéiert op 350 Stonne pro Salarié/Apprenti pro Joer (année civile). Dëse Plafond ka bis op 500 Stonnen erhéicht ginn. Déi éischt 16 Stonne sinn à charge vum Patron.

**Fro N°2: Wéi eng Ënnerstëtzungsmoossname stinn an esou Fäll de Betriber zur Verfügung, fir dass si hir Aktivitéiten kënne weiderféieren?**

Am Fall vun engem Accident, ewéi beispillsweis engem Brand, mussen d'Betriber op hier privat Versécherungen zeréckgräifen. An dësem Sënn encouragéiert d'Regierung d'Betriber sech adequat ze versécheren.

Luxembourg, le 28/01/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles